gestallt. Do ass et effektiv esou, datt dat och d'Entscheedung vum Riichter ass, ob e wëllt d'Auditioun um Uerschterhaff maachen oder net.

Et ass esou, datt et wichteg ass, datt de Riichter d'Persoun en face huet fir den Interrogatoire. Ech mengen, do spillt d'Kierpersprooch och eng weesentlech Roll. Et ass awer esou, datt een och muss bedenken, datt wann een decidéiert, den Interrogatoire um Uerschterhaff ze maachen, datt dat ganz oft och nach den Deplacement viraussetzt vun engem Affekot a vun engem Interpret. Woubäi dat och erëm eng Konsequenz huet op aner Affären, déi dann dee Moment leiebleiwen, déi dann um Geriicht fixéiert sinn a mussen eventuell refixéiert ginn, soudatt do den Untersuchungsriichter natierlech déi Entscheedung och en fonction vu verschiddene Consideratiounen hëlt.

Ech soen Iech Merci an ech gi weider un den Inneminister.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Justizminister. Dann huet den Här Inneminister d'Wuert. Deen huet nach ronn 5 Minutten. Merci.

M. Léon Gloden, Ministre des Affaires intérieures | Merci, Här President. Merci och fir déi Fro.

Ech wëll fir d'éischt emol dem Här Deputéierte Biancalana rappeléieren, vu wou mer kommen. Et ass eng Réforme pénitentiaire 2018 ginn. Well virun där Reform huet d'Police just d'Detenuen an déi klasséiert Condamnéiert gefouert. An dunn, ab dem Summer 2019, also ënnert der viregter Regierung, ass alles vun der Police iwwerholl ginn. An ech mengen, déi Zäit war nach en LSAP-Politiker Policeminister.

Vläicht e puer Chifferen.

Wéi gesäit d'Charge de travail fir den UGAO aus mat de Gefaangenentransporter? Mir hu fir déi lescht zwielef Méint insgesamt 51.312 Stonne mam Gefaangenentransport verbruecht. Dat ass eng Augmentatioun vun 8 % par rapport zu 2023. Dovunner sinn 9.495 Stonnen aleng fir d'Virféierung beim Untersuchungsriichter, 5.248 Stonne fir d'Sëtzungsdéngschter an d'Prononcéé vun de Jugementer, 640 Stonne fir d'Chambre du conseil, an 340 Stonne si vun Abrëll 2023 bis Mäerz 2024 gemaach gi fir d'Consultatioune vun den Dossieren.

Opgrond vun de Remarke vun der Madamm Negrini hat ech déi och invitéiert bei mech an de Ministère. Dat war eng ganz konstruktiv Sëtzung. Si huet och nach eng Kéier confirméiert, datt de Gefaangenentransport gutt fonctionéiert, well d'Polizisten an d'Polizistinnen dat gutt maachen. A mir hunn och iwwer potenziell Méiglechkeete geschwat, wéi een de Gefaangenentransport kann entlaaschten.

Dat war och Sujet an deene verschiddene Comités de concertation régionale a besonnesch am Süden, an Ärem Bezierk, wou och e Representant vum Parquet do war, fir ze kucken, datt an Zukunft keng Transporter misste gemaach ginn, wa Chambre-de-conseil-Sitzunge sinn oder bei Prononcéen.

Dat géif eis, der Police, natierlech hëllefen, well do kéint ee schonn tëschent 25 % a 40 % vun de Gefaangenentransporter aspueren. Si sinn amgaang, do ze kucken, dat vläicht bis Enn 2025 kënne en place ze setzen. Dat ënnerstëtze mir natierlech, well et och dann d'UGAO entlaascht.

Doriwwer eraus, mengen ech, kann ech mech nëmmen deem uschléissen, wat d'Justizministesch gesot huet. A mir hunn och wëlles, eng Kéier an Däitschland dee System kucken ze goen. Do gëtt et jo eng speziell Behörde, wéi se an Däitschland soen, déi dee ganzen Encadrement vun der Justiz, vum Fonctionnement vun der Justiz assuréiert. An dat wëlle mer och eng Kéier kucke goen.

Ech hat dat och kuerz ugeschwat, wéi ech elo zu Saarbrécke beim Kolleeg Inneminister do war. An da muss een ..., wéi gesot, d'Justizministesch huet jo och gesot, datt et a Frankräich och laang gedauert huet, fir dee Switch ze maachen. An dat sinn alles Consideratiounen, déi an eis Iwwerleeunge mat afléissen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Inneminister.

Här Biancalana, hutt Dir nach eng Zousazfro? Dat ass net de Fall. Dann ass och dëse Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss.

17. 7961 – Projet de loi modifiant :

1° la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;

2° la loi modifiée du 13 janvier 2019 instituant un Registre des bénéficiaires effectifs

An da géife mer zum Projet de loi 7961 kommen iwwer eng Rei Ofännerunge vu legalen Dispositiounen am Registre de commerce et des sociétés, dem RCS, an am Registre des bénéficiaires effectifs, dem RBE. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgelueght: 10 Minutte fir de Rapporteur, 5 Minutte fir all Fraktioun a Sensibilitéit, 10 Minutte fir d'Regierung. Et hu sech schonn ageschriwwen niewent dem Här Mosar: den Här Arendt, d'Madamm Braz, den Här Hardy, d'Madamm Tanson an den Här Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Justizministesch, de Projet de loi, deen ech elo de Pleséier hunn, Iech virzestellen, betrëfft a sech d'Moderniséierung vun zwou zentrale Strukturen: op där enger Säit de Registre de commerce et des sociétés, RCS an ofgekierzter Versioun, an op där anerer Säit de Registre des bénéficiaires effectifs, den RBE. Dëse Projet ass dann och e wichtege Mosaiksteen, wat eis wirtschaftlech Zukunft betrëfft, awer och, fir d'Situatioun an d'Positioun vun eisem Land als international Finanzplaz, notamment um Niveau vu senger Reputatioun, ze stäerken.

D'Zil vum Projet de loi ass kloer: Mir wëllen d'Qualitéit an d'Genauegkeet vun den Informatiounen, déi an deenen zwee Regësteren agedroe sinn, verbesseren. Et geet drëm, datt déi Donnéeën ëmmer aktuell, korrekt a kohärent sinn, esou wéi et sech och fir eng modern Wirtschaft an e modernt Justizwiese passt.

D'Realitéit ass Follgend: Trotz dem Fortschrëtt duerch d'Automatiséierung vum RCS bleiwen nach ëmmer Lacunnen, an och wann et méi einfach ginn ass, op Informatioune vun dësem Regëster zouzegräifen, ass dach d'Aktualitéit vun den Donnéeën net ëmmer ganz zefriddestellend. Et gëtt nach net genuch juristesch Mëttelen, fir déi gespäichert Donnéeën ze iwwerpréiwen an, wann néideg, unzepassen.

Dofir proposéiert dëse Gesetzesprojet eng Rei konkreet Upassungen.

Fir d'éischt eng verstäerkt Kontroll an Automatiséierung. D'Informatioune sollen am Registre de commerce mat aneren nationale Regëstere wéi zum Beispill dem Regëster vun de Stroossen an de Lokalitéiten ofgeglach ginn. Wann zum Beispill eng Adress geännert gëtt, soll dat automatesch och am RCS iwwerholl ginn.

Wat de Suivi betrëfft, do soll de Gestionnaire vum RCS nei Mëttele kréien, fir och d'Entreprisen ëmmer erëm un hir gesetzlech Obligatiounen ze erënneren. D'Notifikatiounen an déi systematesch Relancë sollen dozou féieren, datt déi betraffen Entreprisen hir Donnéeën ëmmer ganz aktuell halen.

Da ginn eng Rei administrativ Moossnamen a Sanktioune virgesinn. Wann eng Entreprise an Zukunft hir Obligatiounen, trotz Erënnerungen a Rappellen, net erfëllt, kritt den RCS-Gestionnaire d'Méiglechkeet, administrativ Moossnamen ze ergräifen, an hie kann dat och beim Parquet mellen.

Dës Upassunge gëllen net nëmme fir de Registre de commerce, mee och fir de Registre des bénéficiaires effectifs. De Registre des bénéficiaires effectifs spillt, wéi Der dat alleguer wësst, eng zentral Roll och an der Lutte géint d'Geldwäsch an d'Finanzéierung vum Terrorismus. Dofir ass et och noutwendeg, datt d'Informatiounen an dësem Regëster ëmmer korrekt, exakt a kohärent sinn.

Déi grouss Linnen, wat elo d'Ännerunge fir den RBE betrëfft, si Follgend:

Hei soll a sech eng besser Interconnectivitéit zwëschent dem RCS an dem RBE geschaaft ginn. Dat bedeit, datt d'Donnéeën tëschent dëse béide Regëstere méi einfach a méi séier kënnen ausgetosch ginn.

D'Deklaratiounsprozesser solle fir Entreprisen an Organisatiounen ewéi d'ASBLe méi einfach ginn. Dat hei ass also e ganz konkreete Schrëtt a Richtung Simplification administrative.

Déi technesch Moderniséierung gëtt duerch eng nei sécher elektronesch Plattform erméiglecht. An dës Plattform erlaabt dann och den automatiséierten Datenaustausch an erméiglecht den Autoritéiten e besseren Zougang zu den Donnéeën.

Här President, komme mir zu den Avisen. De Staatsrot hat a sengem Avis eng Rei vun Opposition-formellen an huet awer och direkt eng Rei vu Verbesserungsvirschléi gemaach. Ech ginn elo net am Detail dodrop an. Dat kënnt Der alles a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Zur Prozedur wär nach Follgendes ze soen: Dëse Gesetzesprojet ass de 27. Januar 2022 deposéiert ginn. Et koumen am Ganze 17 Avisen eran, déi ech, an dat verstitt Der, aus zäitleche Grënn net alleguerten hei kann developpéieren. Erlaabt mer awer trotzdeem, bei Geleeënheet vum Vott vun dësem Projet, all deenen Associatiounen, déi heizou en Avis gemaach hunn, e grousse Merci ze soen a fir den Detail op mäi schrëftleche Rapport ze verweisen.

Ech erlabe mer awer, hei trotzdeem op verschidden Avise ganz kuerz anzegoen. Sou huet de Staatsrot de 7. Februar 2023 säin Avis ofginn an huet duerno nach véier Avis-complementairen zum Gesetzesprojet publizéiert.

D'Chambre de Commerce huet hiren éischten Avis de 4. Mee 2022 publizéiert an duerno och nach zwee zousätzlech Avise presentéiert.

Genau wéi de Staatsrot an d'Chambre de Commerce, huet och d'Commission nationale pour la protection des données hiren éischten Avis den 31. Mäerz 2023 eraginn.

Ech gouf duerno an der Sitzung vun der Justizkommissioun vum 28. Mäerz vun dësem Joer zum Rapporteur ernannt.

D'Justizkommissioun huet iwwer dräi Serien Amendements parlementaires diskutéiert an déi dann och an der Kommissioun ugeholl. Dës Amendementer goufen dann och alleguerte vum Staatsrot aviséiert.

An de Staatsrot huet dann zu gudder Lescht säi leschten Avis complémentaire den 10. Dezember vun dësem Joer eraginn.

Dësen Avis gouf den 12. Dezember an der zoustänneger Justizkommissioun analyséiert an de Rapport vun dësem Projet gouf dann och an där selwechter Kommissioun ugeholl.

Här President, domat schléissen ech mäin Exposé als Rapporteur. An erlaabt mer dann nach ganz kuerz, schnell déi Kap vum mandatéierte Spriecher vun der CSV-Fraktioun unzedoen.

Discussion générale

D'CSV-Fraktioun begréisst natierlech, datt dëse Gesetzesprojet no ganz laanger Onsécherheet um Terrain dann endlech de Moien hei zur Ofstëmmung kënnt. Ech muss soen, ech hu selten och a menger Karriär als Rapporteur vu ganz ville Projeten e Projet gesinn, deen esou oft zwëschent der Justizkommissioun an dem Staatsrot hin- an hiergaangen ass.

Mir hate souguer eng Kéier eng Sitzung als Chamberskommissioun am Staatsrot, fir ze kucken, ob mer hei net méi schnell géife virukommen. Ech muss och soen, et war äusserst komplizéiert, well et och zum Deel en extreem technesche Projet ass an et ware wierklech ganz vill Explikatiounen néideg zwëschent der Justizkommissioun an och der Regierung an dem Staatsrot, fir datt mer da schlussendlech zu engem positiven Ofschloss komm sinn.

Ech wëll och nach eng Kéier widderhuelen, wéi wichteg datt et besonnesch an den haitegen Zäiten ass, fir kloer Richtlinnen ze hunn, fir den Ëmgang mat Donnéeë vun Entreprisen, awer och haaptsächlech de Wee fir den Zougrëff op dës Donnéeë méiglechst einfach ze maachen, natierlech ëmmer ënnert dem Respekt vun deene Konditiounen, déi och an deene verschiddene Gesetzer elo festgeschriwwe sinn.

Ech géif awer besonnesch nach eng Kéier hei ervirhiewen, datt mer mat dësem Projet wierklech en éischte wichtege Schrëtt a méi eng grouss Simplification administrative maachen, notamment duerch eng besser Kooperatioun zwëschent deenen zwee Registeren.

Als Konklusioun wäerte mer mat dësem Projet e wichtege Schrëtt fir méi Transparenz, Genauegkeet an Effizienz an eisem Regëstersystem haut maachen. Et wäert Lëtzebuerg och säi Ruff als transparent, professionell a seriö Finanzplaz stäerken an och eis administrativ Effizienz fir Entreprisen an Organisatiounen, wéi d'ASBLen, weesentlech verbesseren. An duerfir ginn ech och heimadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Mosar, fir Äre schréftlechen a fir Äre mëndleche Rapport. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Guy Arendt. Här Arendt.

M. Guy Arendt (DP) | Jo, merci, Här President. Eigentlech ass alles gesot vum Här Mosar. Well mir begréissen och als DP déi Transparenz, déi Simplification administrative, déi do ageféiert gëtt. Et geet net, dass mer Regësteren hunn, déi net fiabel sinn. Mir musse fiabel Regësteren hu mat Donnéeën, op déi ee sech och ka verloossen.

Dofir ass et och wichteg, dass et Kontrolle gëtt an dass eeben de Gestionnaire a verschiddene Fäll – wann een de Recommandatiounen, fir à jour ze setzen, net nokënnt – och administrativ Mesüre kann huelen, fir eeben d'Leit ze forcéieren, sech à jour ze setzen.

Mir wëssen och, dass déi zwee Regësteren ënner anerem och fiabel musse si wéinst dem Blanchiment vum Geld a géint den Terrorismus. Méi ass net ze soen an ech kann nëmmen den Accord vun der DP-Fraktioun heizou ginn.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Arendt. Dann huet d'Madamm Liz Braz d'Wuert.

Mme Liz Braz (LSAP) | Jo, dësen Text balancéiert effektiv gutt d'Transparenz, déi Lëtzebuerg sech als Land muss ginn, mee awer och de Respekt virun der Europäescher Mënscherechtskonventioun an dem RGPD. Dofir si mer haut och frou, déi gesetzlech Upassungen hei kënnen ze stëmmen, déi de Kader an d'Reegele fir den Accès méi kloer definéieren, an domat och d'Qualitéit vun den Informatiounen duerch déi verschidde Mechanismen a Mesüren, déi virgesi sinn, ze verbesseren.

Esou e proaktive Regëster, dat ass grad fir e Land wéi Lëtzebuerg mat esou enger grousser Finanzplaz ëmsou méi vu Virdeel. An dofir hoffe mer och, dass dës Outile sech herno an der Praxis als positiv wäerten erweisen.

Mir begréissen och, dass dem Conseil de presse seng Fuerderungen zréckbehale gi sinn, fir d'Journalisten an dësem Text als „personnes qui démontrent un intérêt légitime dans le cadre de la lutte contre le blanchiment" ze definéieren an esou hiren Accès weider ze garantéieren. Si spillen och hei an der Lutte eng wichteg Roll. An et ass wichteg, dass mer hir Rechter stäerken an net schwächen.

An dofir sinn ech frou, eisen Accord fir dëse Projet kënnen ze ginn.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Braz. Den Här Dan Hardy.

M. Dan Hardy (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an dir Hären, och mir stëmmen dëse Gesetzesprojet mat. Mir begréissen, datt dësen Text elo dozou bäidréit, datt endlech nach méi prezis Informatiounen an den Handelsregëster kommen an et de jeeweilege Gestionnairen esou erlaben, e bessere Suivi ze maachen.

Datt duerch dëst Gesetz den Handelsregëster mam RBE, dem Registre des bénéficiaires effectifs, interconnectéiert gëtt, stellt ee grousse Virdeel duer a verhënnert dee sougenannten „double Emploi".

Da begréisse mir och explizitt, datt am Fall vun engem Verdacht vu Wäisswäsche vu Suen oder enger méiglecher Finanzéierung vun terroristeschen Aktivitéite méi séier reagéiert ka ginn, zum Beispill, wann eng SA, eng Société anonyme also, hire Joresbilan net deposéiert huet oder wichteg Donnéeë vun hire respektive Kontoen net aktualiséiert huet.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Hardy. D'Madamm Sam Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Et ass schonn heiansdo e bëssen d'Ironie un der Geschicht, Här Mosar, wann ech mech un déi ganz houléis Diskussiounen erënneren, déi mer zu dësem Gesetzestext, deen ech deposéiert hat, an der Kommissioun haten, wann ech elo hei Är luewend Wierder héieren, déi Der als Rapporter vun dësem Text dofir hutt, an Iech souguer nach e bëssen op d'Schëller klappt, dass Der elo hei eng Simplification administrative géift maachen!

Ech wollt vläicht nach eng Kéier kuerz drop zréckkommen, firwat dass dat heite sou wichteg ass. Mir hunn eng grouss Finanzplaz. Dat ass de Moie scho vill ugeklongen. Et sinn oft Journalisten, déi Recherchë maachen, déi kucken och, wéi pertinent verschidden Informatioune sinn. A mir kréie souwuel vun der Press, déi eng ganz wichteg Roll huet an deem Beräich vun der Kontroll, wéi och vun internationalen Institutiounen, wéi zum Beispill engem GAFI, ëmmer erëm gesot, wéi wichteg et ass, net nëmmen, dass mer déi Date sammelen, mee dass se och richteg sinn.

An dofir war dat hei mer e ganz grousst Uleies, dass mer och dem Regëster déi néideg Moyene ginn, fir déi Donnéeën och ze kontrolléieren a fir deementspriechend Sanktiounen auszeschwätzen.

A firwat gouf et esou vill Aller-retouren? Dotëschent koum nach eng Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff am Joer 2022, wou d'Europäesch Direktiv invalidéiert ginn ass op deem Punkt, wou se jiddwerengem den Accès op den RBE erméiglecht huet. An do war et mer och deemools immens wichteg, dass mer deen Accès esou séier wéi méiglech erëm géife reegele fir eebe grad déi Leit, déi eng ausseruerdentlech Kontroll hei ausüben, an zwar eeben net just déi Professionell, mee och d'Journalisten. An och do hate mer ganz vill kritesch Diskussiounen, Här Mosar, an der Kommissioun.

An, wéi d'Madamm Braz et grad richteg gesot huet, et war immens wichteg fir ons, dass mer géifen de Journalisten hei nolauschteren a kucken, dass mer eng Reegelung kréichen, mat deene se kënne liewen. Ech hoffen, dass dat elo hei de Fall ass. An ech si wierklech frou, dass mer deen Text elo hei endlech zu engem Ofschloss kréien.

An ech ginn natierlech den Accord vun deene Gréngen.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Et gouf elo schonn e puermol gesot: Deen heite Projet läit schonn eng Zäitchen um Instanzewee. Wann ee sech d'Nummer ukuckt – 7961 –, gëschter ass de 8469 deposéiert ginn! Also iwwer 500 Projete méi spéit, déi sinn elo schonn deposéiert, a mir stëmmen dann elo endlech deen heite Projet.

Et ass awer ganz gutt, datt mer en endlech stëmmen, well wie mol mam RBE ze dinn huet, ob dat an enger ASBL ass, ob dat an enger Firma ass, dee weess, datt dat an der aktueller Situatioun awer heiansdo ganz schwéierfälleg ass, soudatt ech grouss Hoffnungen hunn, datt et mat deenen neien Zesummeleeungen, mat där neier Simplification administrative, wéi een dat esou schéin op Politikerlëtzebuergesch seet, dann awer wierklech zu enger Vereinfachung am Liewe vun deene Leit kënnt, déi all Dag oder zumindest eemol d'Joer – well meeschtens ass et eemol d'Joer – mat deene Regësteren ze dinn hunn.

Deementspriechend kann ech och nëmme begréissen, datt d'Journalisten hei weiderhin hiren Zougang behalen an datt deen och elo kloer gereegelt ass, soudatt mer do keng Doutte méi kréien.

Dat gesot, kann ech nëmmen den Accord vun de Piraten fir dëse Projet ginn. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement.

Elo ass keng weider Wuertmeldung do. Dann ass et un der Regierung. Madamm Justizministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice | Merci, Här President. Ech géif ufänken an dem Rapporter villmools Merci soe fir säin detailléierte Rapport.

Dat erlaabt mer, net méi misse vill op d'Detailer anzegoen. An da géif ech Iech all Merci soe fir déi ganz grouss Zoustëmmung fir dëse Rapport.

Ech wollt awer dräi kleng Punkte maachen. Ech wollt, éischtens, awer nach eng Kéier op d'Wichtegkeet vun dësem Text insistéieren. Et ass wierklech e Changement de paradigme. Mir ginn dem LBR hei eng ganz aner Roll, fir eeben ze garantéieren, datt déi Donnéeën, déi um LBR zur Verfügung stinn, och fiabel sinn.

Dat ass ganz wichteg, dat ass schonn e puermol ugeklongen, natierlech fir d'Zivillgesellschaft, mee awer och fir déi wirtschaftlech Aktivitéit hei am Land.

Dann, en zweete Punkt ass deen, datt mer awer och eng Approche adoptéiert hunn, déi eng Sensibilisatioun vun de Betriber viraussetzt. Et geet par étappes. Als Éischt kritt een eng E-Mail, wann eng Formalitéit net erfëllt ass, da gëtt et eng Warnung, an da gëtt um Site geschriwwen, datt eng Donnée feelt. An eréischt da kënnt déi Sanction administrative, kann déi geschwat ginn, soudatt mer do awer wierklech och probéieren, d'Betriber mat op de Wee ze huelen.

An dann, drëttens, ass et wichteg, datt mer eis mat deem heite Projet dann och conforméiere par rapport zu der Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff, wat den Accès op den RBE ubelaangt, an an deem Sënn och den Accès perenniséiere fir d'Journalisten an natierlech fir all déi Acteuren, déi en matière de blanchiment aktiv sinn.

An deem Sënn e ganz grousse Merci fir Är breet Ënnerstëtzung.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Ministesch. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7961. Den Text steet am Document parlementaire 7961[21].

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7961 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Domat ass dëse Projet de loi dann eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

18. Dépôt d'une proposition de loi par M. Mars Di Bartolomeo

Elo hunn ech nach eng Ufro vum Här Mars Di Bartolomeo, dee wëllt eng Proposition de loi deposéieren. Dann ass et un Iech, Här Di Bartolomeo.

(Brouhaha)

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Elo si mer awer gespaant.

M. Sven Clement (Piraten) | ... eng rout Kaart!

(M. Mars Di Bartolomeo montre un carton rouge.)

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Dir hutt 5 Minutten – just.

Exposé

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), auteur | Merci, Här President. Merci och fir d'Flexibilitéit. Eigentlech war geplangt, et de Mëtten zum Ufank vun der Sëtzung ze maachen. Also e grousse Merci.

Ech wollt eng Proposition de loi deponéieren, déi op dat reagéiert, wat virun engem Mount hei iwwer en Appell vun der Croix-Rouge geschitt ass, fir dat an Zukunft ze verhënneren.

D'Croix-Rouge huet virun engem Mount en Appell un eis fräiwëlleg Bluttspender geriicht, fir Blutt ze spenden, well d'Bluttreserven e kriteschen Niveau erreecht hunn.

Lëtzebuerg zeechent sech duerch e Bluttspendesystem aus, deen exemplaresch ass, well en op de Volontariat opgebaut ass a mir kënnen op ronn 15.000 fräiwëlleg Bluttspender zréckgräifen.

De Sënn vun dëser Proposition de loi ass et, änlech wéi an der Fonction publique, wéi am Gemengesecteur, wéi an enger Rei vu Konventiounen, Kollektivverträg a fräiwëllegen Ofmaachungen zwëschent de Salariëë vu verschiddene Betriber, fir dat ze verallgemengeren, nämlech, beim Akt vum Bluttspenden e Congé spécial oder eng Fräistellung vu véier Stonnen ze gewärleeschten. Dat wäicht net vum Volontariat vum Bluttspenden of, huet fir de Budget kee Käschtepunkt, mee kann awer e Käschtepunkt hu fir déi eenzel Betriber. An do ass et net verbueden, falls déi heite Proposition de loi sollt Realitéit ginn, driwwer ze diskutéieren, wien eng Hand mat upake kéint, fir déi zousätzlech Fraisen ze decken.

Do kann een zum Beispill un d'CNS denken, et kann een och un d'Mutualitéit vun den Entreprisen denken. Mee wichteg ass et, dee System vum fräiwëllege Bluttspenden ze perenniséieren. An dat hei ass ee Schrëtt. Et si jo weider Schrëtt ugekënnegt ginn. An ech wollt dofir dem President déi hei Proposition de loi iwwerreechen a Merci soe fir d'Flexibilitéit.

8471 – Proposition de loi portant modification de l'article L. 233-16 du Code du travail

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Déi Proposition de loi geet dann an d'Conférence des Présidents.

19. 8381 – Projet de loi portant modification du Code de procédure pénale

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar de Projet de loi 8381, eng Modernisatioun an Upassung vum Code de procédure pénale. Hei ass d'Riedezäit och nom Basismodell festgeluecht. De Rapporteur huet also 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéite 5 Minutten, d'Regierung 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Alex Donnersbach, d'Madamm Carole Hartmann, den Här Dan Biancalana, den Här Dan Hardy an d'Madamm Sam Tanson. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Donnersbach. Här Donnersbach, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Alex Donnersbach (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Also, dëse Projet de loi gouf effektiv den 8. Mee 2024 vun der Justizministesch deposéiert a soll de Code de procédure pénale moderniséieren. D'Zil ass et, d'Lutte géint d'Kriminalitéit duerch nei Moossnamen an Adaptatioune vun de Prozeduren ze verbesseren.

D'Pierre angulaire vun dësem Gesetzesprojet ass wierklech dat neit Kapitel am Code de procédure pénale fir d'Recherche active vun de Fugitifs. An da gouf et nach weider punktuell Verbesserunge vun der Procédure pénale.

Fänke mer mat der Pierre angulaire vun dësem Gesetzesprojet un: Dat ass, wéi gesot, d'Recherche active vun de Fugitiven. Do gi fir déi éischte Kéier strukturéiert Moossnamen agefeiert, déi et erlaben, d'Fugitiven aktiv ze fannen. Aktuell ass et nämlech esou, datt d'Lëtzebuerger Recht am Fong net kloer virgesinn huet, wéi déi Fugitiven aktiv apprehendéiert kënne ginn. Aktuell gëtt et verschidde Saachen: Den Artikel 332 a weiderer vum Code pénal luxembourgeois inkriminéiere verschidde Saachen, wéi zum Beispill d'Hëllefen, wann ee fortleeft, awer net d'Flucht selwer.

Mat dësem Projet de loi gëtt dës Onkloerheet, dës juridique Onkloerheet, elo eliminéiert. An all déi verschidde Saache ginn elo kloer gereegelt, wann een aus dem Prisong fortleeft, wann ee sech net presentéiert, wann ee sech bei enger Surveillance électronique net un d'Reegelen hält, alles dat gëtt elo kloer gereegelt, fir datt d'Police hei kloer Moyenen huet. Contrairement zum franséische Recht, wou am Fong all d'Kompetenze beim Procureur sinn, bleiwe mer hei an der Kohärenz vum lëtzebuergesche System. Dat heescht, d'Kompetenze sinn opgedeelt ginn zwëschent dem Procureur d'État an dem Juge d'instruction: dem Procureur d'État op där enger Säit, dee kompetent ass fir d'Recherche vun de Fugitiven duerch d'Mandater oder duerch eng Enquête préliminaire, an op där anerer Säit de Juge d'instruction, dee spezifesch Moossnamen ordonéiert, wéi de Reperage an d'Lokalisatioun. Voilà. Dat bleift also an der Kohärenz vun eisem System.

Da gi weider Artikelen ugepasst, notamment den Artikel 101-1. Do gëtt preziséiert, datt d'Police d'Recht huet, an en Doheem eranzegoen, wa si eng Person duerch e Mandat d'amener oder e Mandat d'arrêt sicht. Dat war bis haut e bëssen onkloer, soudatt d'Polizisten net woussten: Däerf ech elo an den Domicile eran oder net? Déi heiten Dispositioun mécht dat elo ganz kloer, datt, wann esou e Mandat d'arrêt do ass, se dann och kënnen an den Domicile eragoen.

Da gëtt och den Artikel 179 ugepasst. Hei geet et am Fong drëm, den Delai vun dräi Deeg ofzeschaafen, an deem d'Jugen decidéiere kënnen, ob se an enger kollegialer Formatioun tagen oder net. Dat ass am Fong